Lëtzebuerger Guiden a Scouten
Branche Biber

Biber

# Bestëmmt mat – eng partizipativ Geschicht fir d'Biber:

Bei dëser Versammlung handelt et sech em eng Geschicht, déi a Form vun engem Geländespill entwéckelt gëtt.

**Preparatioun:**
D'Chef definéieren d'Spillfeld, leeë verschidde Statioune fest a grenzen den Terrain of.
Di eenzel Deeler vun der Geschicht kennen ausgedréckt, evtl. plastifizéiert an ob de Statioune verdeelt ginn. Et wier gutt, wann all Statioun en Numm oder eng Zuel hätt, fir dass d'Biber wëssen, wou si mussen higoen. D'Chef kennen ausserdeem eng Kaart vum Spillfeld molen, ob der d'Biber sech en Iwwerbléck iwwer déi ënnerschiddlech Statioune verschafe kennen.

**Intro:**
D'Biber kréien erkläert, dass haut eng Geschicht erzielt gëtt, an dass si däerfe matbestëmmen, wéi d´Geschicht weidergeet. Den Ufank vun der Geschicht kréien si alleguer erzielt, duerno duerfen si kleng Gruppe bilden an decidéieren, wou si wëllen als nächst higoen. Et begleet ëmmer ee Chef eng Grupp fir d'Geschicht wieder virzeliesen an d'Aktivitéiten unzeleeden.

**Den Ufank vun der Geschicht:**

E klenge Villchen ass bei engem Stuerm vum Bam gefall an huet sech de Flillek gebrach. Elo huet hie vill wéi, kann net méi fléien a kennt och net mei a säin Nascht uewen an de Beem. Di aner Villercher fléien iwwer d'Ouschtervakanz fort bei hir Famill, mee de klenge Villche ka mat sengem gebrachene Flillek dëst Joer leider net matfléien. Hien muss eleng zeréck bleiwen. Dat ass am Abrëll guer net esou einfach. Nom Wanter ass d'Iessen oft nach knapp, an et ka stiermesch a kal oder ze dresche ginn. Am Abrëll weess een ni. De klénge Villchen huet Angscht den Abrëll mat all sengen Ticken eleng duerchstoen ze mussen, an hie beschléisst all säi Mutt zesummen ze huelen, an sech ob d'Sich no aneren Deieren ze maachen, bei deenen hien d'Vakanz verbrénge kéint.
De klénge Villche verabschit sech nach vu senge Frënn a wénkt hinnen no, wéi si fortfléien. Wéi hien si net méi gesäit, kuckt e ronderëm sech, rappelt sech ob, faasst all säin Mutt zesummen a mëscht sech ob de Wee.
No enger Zäitche kennt hien ob eng Kräizung. Ee Wee féiert iwwert eng Strooss, deen anere Wee bleift am Bësch.

*Wat soll de Villche maachen?*
*Soll de Villchen iwwer d'Strooss goen? -> Statioun 1*
*Soll de Villchen am Bësch bleiwen -> Statioun 2*

**Statioun 1: (Iwwer d’Strooss)**

De Villchen hopst iwwer d’Strooss, et koumen zum Gléck keng Autoen! Hannert der Strooss ass eng Wiss mat Hénger, si gackere virun sech hin a picken am Buedem ronderëm. De Villche well mat den Hénger schwätzen an si froen, ob hien d’Vakanz bei hinne verbrénge kéint, mee d’Hénger si ganz hektesch an si lauschteren him kaum no. De Villche freet si, wou se wunnen, an si weisen ob e klengt Héngerhaisschen.
Ob ee mol knackst et an den Hecken an d’Hénger brëllen ganz a Panik „De Fuuss kennt!“. Opgereegt rennen si an hiert Haischen, de Villche probéiert mat ze lafen, mee hien ass ze lues an d’Hénger flatteren einfach iwwer hien ewech an hiert Haischen a knuppen d’Dier zou.

> --> Spill: Fänken, een ass de Fuuss, déi aner d’Hénger. Et gëtt en „Haischen“ festgeluecht, an deem een a Sécherheet ass an net ka gefaange ginn.

De Villche kuckt ronderëm sech, et ass néirens e Fuuss ze gesinn. D’Hénger hunn awer trotzdeem vill ze vill Angscht, si wëllen an hirem Haisschen bleiwen an de klenge Villchen net era loossen. De Villche beschléisst wieder ze goen an erkund seng Ëmgéigend, hien entdeckt eng Scheier an e wäit Feld.

*Wat soll de Villche maachen?*
*Soll de Villchen an d’Schéier goen? -> Statioun 3*
*Soll de Villchen sech ob de Wee a Richtung vum Feld maachen? -> Statioun 4*

**Statioun 3: (An der Scheier)**

De klenge Villchen hopst bis bei d'Scheier, wéi hie virdrun steet, kennt se him riseg fir. Hien entdeckt kleng Lächer am Holz, duerch déi hien duerch schlüpfe kann. Bannen an der Schéier traut hie kaum sengen Aen! Iwwerall läit Hee, an dat een sech gemittlech kéint leeën fir ze schlofen! Ausserdeem entdeckt de klenge Villchen ee risege Sak mat Kären! Hien fänkt un se ze picken a freet sech, endlech mol rëm eppes am Bauch ze hunn!
Ob ee mol schubst hien eppes vun der Säit an de Villchen erféiert sech schrecklech!
„Entschëllegt! Wat bass du da fir een? Du kanns dach net einfach hei era platzen an eis Reserve friessen!" beschwéiert sech eng kleng Maus.
De Villche berouegt sech, wéi hie gesäit, dass et just eng kleng Maus ass a mengt: „Dat hei geet dach duer fir dass mir eis zwee kenne wochelaang sat friessen!"
„Ech sinn awer net eleng" beschwéiert sech d'Maus. De Villche kuckt ronderëm sech an hie gesäit bestëmmt honnert verschidde Mais, déi sech an der Scheier verstoppt haten an elo virwëtzeg eraus luussen. Iwwerall si Mais, klenger, grousser, bronger a groer, Mais mat engem décke Bebebauch a ganz al Mais.
„Wat wëllst du hei?" froen d'Mais, an de Villche fänkt un seng Geschicht ze erzielen, wei hie säi Flillek gebrach huet a wéi déi aner Villercher iwwer d'Vakanz alleguer bei hir Famill geflu sinn an hien zeréck gelooss hunn. „Elo sinn ech ob der Sich no enger Plaz, wou ech d'Vakanz ka verbréngen, wou ech am Abrëll dreschen a waarm bleiwen, a wou ech eppes ze friessen hunn." Wéi de Villche färdech ass mat erzielen, zéien sech d'Mais zeréck fir sech doriwwer ze beroden, ob de Villche bei hinne bleiwe kann.

De Villche waart gedëlleg, ob ee mol rennt eng gro Maus mat engem donkele Brëll riicht an hien. „Oh pardon, wie bass du dann? Du fills dech awer net u wéi eng Maus?" D'Maus taascht dem Villchen seng Plommen of a kickelt. „Du hues jo guer kee Pelz!"
„Ech sinn e Villchen" seet de klenge Villche verwonnert „Gesäis du dat dann net?" „Nee" piipst d'Maus, ech ka leider net gesinn. „Dat ass awer bestëmmt net einfach" mengt de Villchen. D'Maus erkläert him, dass et guer net einfach ass näischt ze gesinn, si brauch vill méi laang wéi déi aner Mais fir d´Fudder ze fannen, an si gesäit och net, wann eng Kaz sech an d'Schéier schläicht an ob der Lauer läit.
„Vielleicht kéint ech dir hëllefen" mengt de klenge Villchen. „Ech gesi ganz gutt wann eng Kaz era kennt, a ech kéint päife fir dech ze warnen, wann se kennt! An ech kéint dir och de Wee fir bei d'Käre weisen!".

> → Spill: Mat verbonnenen Aen aner Biber oftaaschten a probéieren eraus ze fannen, wien et ass. Oder: Ee Biber mat verbonnenen Aen duerch e klenge Parcours ob eng bestëmmte Plaz (z.B. bei d'Käre) féieren. (Evtl. mat enger schlofender Kaz, ronderëm déi ee ganz lues muss schläichen, ouni dass se erwächt.)

Wéi d'Mais aus hirer Berodung zeréck kommen a gesinn, dass de Villchen der blanner Maus esou léif hëlleft bei d'Kären ze fannen, beschléissen si hie bei sech opzehuelen. Et gëtt dem klenge Villchen seng Aufgab de Mais ze hëllefen an si virun der Kaz ze warnen. Soubal hien d'Kaz gesäit zwitschert hien an d'Mais wëssen, dass se sech musse verstoppen. De klenge Villche freet sech, dass hien d'Mais fonnt huet an d'Vakanz bei hinne ka verbréngen, hei kann hien sech nëtzlech maachen, huet et waarm a gemittlech an ass a gudder Gesellschaft.
*The End*

**Statioun 4: Um Feld**

Vue dass d'Hénger sech an hirem Haus zeréck zéien an net méi eraus komme wëllen, beschléisst de klenge Villchen dat grousst Feld ze erkunden, wat un de Bësch grenzt. Hien hopst duerch d'Feld a fënnt e klenge Koup mat Nëss, déi iergendeen am Feld verstoppt huet. Vue dass de klenge Villchen immens hongreg ass pickt hien eng vun den Nëss ob an frësst ze zefridden.
--> Spill: Nëss knacken ouni Nëssknacker an snacken
Ob ee mol kritt de Villchen eng Noss widdert de Kapp geschoss. „Aua" rifft hien a kuckt ronderëm. E Kaweechelche steet am Feld a kuckt hie rosen un. „Dat si meng Nëss!" rifft et dem Villche granzeg zou. „Oh pardon!" rifft de Villchen zeréck. „Ech hat sou Honger". D'Kaweechelche kennt erbäi a meckert virun sech hin: „Ech hunn och Honger wann ech no menger Wanterrou wakrech ginn an da wier ech frou, wa kee meng Nëss gefriess hätt". „Dat verstinn ech gutt" seet de klenge Villchen. „Ech si mer och nach net secher, ob ech déi nächst Woche genuch ze friesse fannen". „Firwat dat dann?" well d'Kaweechelche wëssen an de Villchen erzielt him seng Geschicht, wéi hien sech de Flillek gebrach huet a wéi déi aner ouni hien an d'Vakanz geflu sinn, a wéi hien elo no enger Plaz sicht wou hien eppes ze friessen huet a ka bleiwen.
„Kann ech villäicht bei dir bleiwen an der Vakanz?" freet de Villchen d'Kaweechelchen. D'Kaweechelchen erkläert dem Villchen, dass dat wuel kaum géing goen, wann de Villchen net fléie kéint. „Ech liewe ganz héich uewen an de Beem!" Fir do rop ze komme muss een immens sportlech sinn, an entweder fléien, oder ganz ganz gutt klamme kennen, sou wéi ech."
De Villchen ass enttäuscht, mee hie versteet och, dass en net beim Kaweechelche bleiwe kann. „Kenns du da keen, bei deem ech kéint bleiwen?" freet de Villchen.
D'Kaweechelchen denkt no. „Hmm, ech kennen eng Eil, déi ass schonn bëssen mi al, an déi wunnt an engem Bam, dee ganz ganz ganz vill Äscht huet, déi kann ee bal wéi eng Trap erop goen." De Villchen erkläert dem Kaweechelchen, dass hien zwar net mei fléien, mee schonn nach hopsen a sprange kann an si üben zesummen ze sprangen.

> --> Spill: Duerch e Parcours Hopsen / iwwert en Hindernis sprangen / e Bam erop klammen,…

Et ass ustrengend esou ze hopsen, mee et kéint awer klappen, mengt d'Kaweechelchen.

*Wat mengt dir, soll de klenge Villche maachen?*
*Soll de klenge Villche probéiere bei d'Eil an de Bam erop ze hopsen? -> Statioun 7*
*Oder soll de klenge Villche wieder sichen? -> Statioun 2*

**Statioun 7 (Bei der aler Eil)**

D'Kaweechelchen ass erstaunt, dass de Villchen trotz sengem gebrachene Flillek nach esou gutt hopsen a sprangen kann. „Komm mat, ech weisen dir de Wee fir bei déi al Eil".
De Villchen hopst dem Kaweechelchen no a packt et och de Bam erop ze hopsen. Et ass zwar ustrengend, an de Villche muss zwee mol eng Paus maachen, mee e packt et bis bei d'Hiel uewen am Bam ze kommen. D'Kaweechelche verabschit sech, an de Villche rifft schéi „Hallo?" an d'Hiel eran.

Aus der Hiel schaalt et zeréck: „Wien ass do?"
„Hei ass de klenge Villchen, ech sichen no enger Plaz wou ech an der Vakanz ka bleiwen" rifft de Villchen. „Ma sou eppes hunn ech nach ni héieren" grommelt d'Eil virun sech hier, wéi si aus der Hiel eraus kennt. Si kuckt de Villche mat groussen Aen un a leet hire Kapp no riets an dann no lenks. „Wou ass dann däin Schwarm?" freet si. De Villchen erzielt der Eil seng Geschicht wéi hie vum Bam erof gefall ass an sech de Flillek gebrach huet a wéi déi aner Villercher iwwer d'Vakanz bei hir Famill geflu sinn an hien zeréck gelooss hunn a wéi d'Kaweechelchen hien heihi bruecht huet.
D'Eil lauschtert begeeschtert no, si hat scho laang kee Besuch mei a freet sech mol rëm Gesellschaft ze hunn. „Du kanns gäre bei mir bleiwe klenge Villchen, ech hu genuch ze friessen an eng sécher Hiel, an déi du komme kanns, ouni mussen ze fléien. An ech freeë mech, wann ech e bësse Gesellschaft hunn an een, dee mir eng Geschicht erzielt, oder mat deem ech e Spill spille kann.

--> Spill: Eng Geschicht erzielen, e klengt Spill (z.b. Tic Tac Toe) spillen,…

De klenge Villchen ass iwwerglécklech dass hie bei der Eil an der Hiel bleiwe kann an déi zwee gi gutt Frënn.
*The End*

**Statioun 2: (Am Bësch bleiwen)**

De Villchen decidéiert sech dozou am Bësch ze bleiwen an d'Géigend wieder ze erkunden. Wien lieft wuel nach alles hei ausser d'Villercher? Bis hie vum Bam erof gefall ass, an sech de Flillek gebrach hat, war hien ëmmer just uewen an de Beem. De klenge Villchen ass ganz iwwerrascht, dass och um Buedem ganz vill Deiere ronderëm kréichen a krabbelen. Hien begéint Wierm, Larven a Käferen an eng Strooss voller Seejomessen. Wou feiert des Strooss wuel hin?
De Villche geet de Seejomessen no, bis hie virun engem risege Koup voller Seejomesse steet. Ganz interesséiert kuckt hien dem wëllen Trubel no. Seejomessen bréngen grouss Stécker vu Blieder erbäi an droen se an de Koup.
„Entschëllegt, aus dem Wee!“ rifft eng Seejomes dem Villchen zou. Si guidéiert e ganzen Trupp Seejomessen, déi e risegt Stéck Apel gelueden hunn, an de Villche steet an de Féiss. Hien hopst no hannen, a geheit dobäi eng aner Grupp vu Seejomessen em, déi grad dobäi waren e Blat a mi kleng Stécker ze bäisse fir et besser transportéieren ze kennen.

„Ey Villchen!“ Mir schaffen hei all zesumme fir eis Reserven opzefëllen, an du schaffs net mat a renns eis an de Koup! Kanns de net bei dengen Aartgenossen uewen an de Beem bleiwen?
De Villchen erkläert, dass hien de Flillek gebrach huet an déi aner Villercher ouni hien an d'Vakanz geflu sinn.
D'Seejomessen hu Matleed mam Villchen a well si esou hëllefsbereet Déiere sinn, ëmfroen si sech direkt, wat een do kéint maachen. Si bilden eng Kette vu Seejomessen an eng rifft der nächster zou: „Wou kéint e Villchen eleng a Sécherheet d'Vakanz verbréngen?“

> --> Spill: Telefon (Eng Noricht dem nächsten an d'Ouer flüsteren a kucken, wat zum Schluss eraus kennt)

Aus dem Seejomessekoup kennt eng kloer Noricht zeréck: E Villche kann net eleng an och net bei Seejomessen d'Vakanz verbréngen. Hien ass ze grouss fir an hire Koup a frësst vill méi, wéi d'Seejomessen. Mee d'Seejomessen hu vill Frënn am Bësch an si roden dem Villchen entweder mi déif an de Bësch ze goen, oder bis bei d'Waasser ze goen. Ob deenen zwou Plaze géinge mi grouss, ganz frëndlech Déiere liewen, bei deenen de Villchen iwwerwantere kéint.

*Wat soll de Villche maachen?*
*Méi déif an de Bësch era goen? →* *Statioun 5*
*Béi d'Waasser goen? →* *Statioun 6*

**Statioun 5: (Méi déif an de Bësch goen)**

De Villchen denkt sech, dass d'Waasser am Abrëll svs nach ze kal ass fir ze bueden, an entscheet sech derzou méi déif an de Bësch ze goen. Do ass et zwar däischter, an hie fënnt et e bësse grujeleg, mee d'Seejomessen soten, dass si hien nach e Stéck bis bei hier Frënn begleede kéinten.
De Villchen hoppelt nieft de Seejomessen, an si feieren hie bis bei eng ganz dicht Heck. Do verabschiden si sech, schnappen sech e leckert Blat vun der Heck an transportéieren et zeréck bei hire Koup.
De Villche rifft schei an d'Heck ran: „Hallo?"
Hien sprengt ee Saz zeréck, wéi et geféierlech aus der Heck zeréck grunzt. E Wëllschwäin kennt eraus gerannt a beim Ubléck vu sengen Zänn mécht de Villche bal an d'Box.
„Ohoo ee Gaascht!" rifft d'Wëllschwäin begeeschtert a sprengt vu Freed an d'Luucht. Wéi et ob dem Buedem opkënnt wackelt alles an de klenge Villche fält bal em. „Mir hu Besuu-uuch" rifft d'Wëllschwäin an d'Heck eran an eng ganz Häerd vu Wëllschwäin kennt ugerannt fir de klenge Villchen ze begréissen.
De Villchen erzielt de Wëllschwäin seng Geschicht, wéi hie vum Bam erof gefall ass a sech de Flillek gebrach huet, wéi déi aner Villercher an d'Vakanz geflu sinn an hien zeréck gelooss hunn. D'Wëllschwäin lauschtere ganz gebaangt no, verschiddener vun hinne musse beim Villche senger Geschicht kräischen, well si et esou traureg fannen, dass de Villchen zeréck gelooss gouf.
„Mee ech ka jo och net fléien" stellt de Villche fest an ugestach vun der Trauregkeet seet hien: „Ech kann amfong guer näicht" a fänkt och u mat kräischen.
„Quatschkapp!" mengt eent vun den eelere Wëllschwäin. „Jidderee kann iergendeppes! Verschidden Déiere brauche méi laang fir eraus ze fannen, wat se gutt kennen, mee jidderee kann eppes!" „Wat kanns du ganz gutt klenge Villchen? Denk mol schaarf no!"

--> Spill: Wat kanns du ganz besonnesch gutt? (Erzielen oder molen, wat ee gutt kann a gäre mécht)

De Villchen denkt ugestrengt no: „Wat kenne Villercher nach gutt, ausser fléien? Wat kann ech gutt?" Ob ee mol fält et him an! Ech ka ganz gutt picken! Ech kréie mat mengem spatze Schniewel gutt Kären an Nëss opgepickt a ka mein Gefidder gutt botzen."
„Dat ass eng ganz gutt Fäegkeet" mengt eent vun de Wëllschwäin! „Ech wënscht et kéint gutt picke, da kéint ech mir den dreschen Bulli aus mengem struppege Fell zupfen a picken, dee stéiert mech ëmmer sou!" „Jo oder eppes aus den Zänn eraus picken, wat hänke bliwwen ass" mengt een anert Wëllschwäin.
„Eigentlech kéint ech iech dobäi hëllefen" iwwerleet de Villchen. Ech kéint de Bulli aus ärem Fell lass picken an och är Stousszänn botzen!"
„Wëlls du dann net bei eis bleiwen iwwer d'Vakanz?" freet eent vun de Wëllschwäin. „Mir kuschelen eis ëmmer an den Hecken zu engem grousse waarme Koup zesummen, do gëtt et kengem kal." „Jo, a mir gi vill ronderëm, du kanns ob eisem Réck mat eis ronderëm zéien, an ech si mir sécher, dass mir ënnerwee genuch ze friesse fannen."
De Villche freet sech, dass d'Wëllschwäin hien ophuelen a beschléisst d'Vakanz bei hinnen ze verbréngen. Hien kennt vill ronderëm, kritt genuch ze friessen, ass a gudder Gesellschaft an d'Wëllschwäin sinn esou dankbar, dass hien hinne beim Botze vun hirem Fell hëlleft.
*The End*

**Statioun 6: (Bei d'Waasser goen)**

Dem Villchen ass et e bëssen ze grujeleg fir eleng an den däischtere Bësch ze goen an hie beschléisst sech ob de Wee bei d'Waasser ze maachen. „Et ass bestëmmt och gutt beim Waasser ze sinn, fir eppes drénken ze kennen, wann een duuschtreg gëtt", denkt hien. Ob sengem Wee fir an den Dall bei d'Waasser falen dem Villchen eng ganz Réi ofgeknabbert Beem ob. „Dat ass awer schued, dass d'Beem ofgeknabbert goufen" denkt hien „ech souz ëmmer esou gären uewen an de Beem."
Beim Waasser ukomm entdeckt de Villchen ee risege Bau aus Beem an Äscht. Interesséiert hopst hie ronderëm a kuckt sech dat Bauwierk mol méi genau un. „Amfong net anescht wéi een Nascht vun engem Villchen" denkt hien „Just vill mei grouss".
Ob ee mol gëtt de Villchen ëmgeworf! 3 kleng Biber spille Fänke ronderëm de Biberbau an si haten de klenge Villchen net gesinn. „Aua" rifft hien a rappelt sech rëm ob. „Ooh pardon klenge Villchen" soen d'Biber a kommen erbäi vir dem Villche beim opstoen ze hëllefen. „Firwat hues du ee Verband?" freet ee vun de Biber an een anere freet „Wat mëss du hei? Wie bass du?"
Ee grousse Biber kennt aus dem Bau eraus fir no deene klengen ze kucken. „Schwätzt dir rëm mat Friemen?" freet e streng. „Jo, mee et ass just e klenge Villchen!" ruffen déi dräi kleng Biber am Chouer. „Ee Villchen?" freet de grousse Biber a kennt sech déi Saach mol méi genau ukucken.
De Villchen erzielt de Biber seng Geschicht, wéi hie vum Bam erof gefall ass a sech de Flillek gebrach huet, wéi déi aner an d'Vakanz geflu sinn an hien zeréck gelooss hunn, a wéi d'Seejomessen him soten, hie sollt sech ob de Wee bei d'Waasser maachen.
De grousse Biber lauschtert interesséiert no, mee di kleng Biber fänke wärend der Geschicht u ronderëm ze huschen an aus Bengelen en Tuerm ze bauen. Den Tuerm fält zesummen an di kleng Biber laachen sech futti. De Villchen erkläert hinnen: Dir däerft d'Bengelen net einfach ob e Koup geheien, da fält alles zesummen! Mee wann der d'Bengelen an eneen haakt a schéi propper zesumme leet, da kennt der richteg gutt bauen, soll ech iech weisen, wéi ech ëmmer Näschter uewen an de Beem gebaut hunn? „Jooo" ruffen di kleng Biber begeeschtert, an och de grousse Biber nickt zefridden.

--> Spill: Aus Bengelen een Tuerm, Bau oder en Nascht bauen

De grousse Biber fënnt, dass de klenge Villchen nawell ganz gutt baue kann an och gutt mat deene klenge Biber eens gëtt, déi alt gäre mol Blödsinn maachen an deenen aneren ob der Nues ronderëm danzen. „Ee gudde Baumeeschter kenne mir ëmmer gebrauchen" mengt de grousse Biber a freet de Villchen, ob hien net Loscht hätt d'Vakanz bei hinnen ze verbréngen. „Du kanns dir en Nascht ob eisem Biberbau bauen an du kanns mat eis goen, wa mir d'Beem fällen, ënner der Rinde sinn oft Käferen, déi du friesse kanns." „Ech friesse gäre kleng Käfere mengt de Villchen, mee friessen ech iech déi dann net fort?" Di dräi kleng Biber laachen sech futti a ruffen „Bääääh" mir friessen dach keng Käfer! Mir friesse just Planzen!"
De Villche freet sech, dass d'Biber hien ophuelen a fänkt direkt un sech e gemittlecht Nascht um Biberbau opzeriichten, déi kleng Biber hëllefen him dobäi an si verbréngen eng flott Vakanz zesummen, an der si vill zesumme spillen a bauen.

*The End*

**Schluss:**

Wann d'Biber eng Geschicht „duerchgespillt" hunn, kennen si nach eng kéier vu fir ufänken an aner Optioune wielen.

Zum Schluss kann een eng Ronn maachen, wou sech d'Biber géigesäiteg erzielen, wéi hier Geschicht ausgaangen ass.

Follgend Froe kennen ureegen zesummen iwwer d'Geschicht nozedenken:

- Wat géift dir maachen, wann dir géingt eleng zeréck gelooss ginn? Wéi géingt dir iech fillen?
- Wéi fannt dir et, dass d'Villercher de klenge Villchen zeréck gelooss hunn
- Wéi eng Déieren huet de Villchen an ärer Geschicht begéint? Konnt hie bei deenen Déiere bleiwen, a wa jo, firwat, oder firwat net?
- Wat mengt dir, firwat de Biber bei esou villen Déiere bleiwen duerf?
- Wat mengt dir, huet de klenge Villche bei sengem Abenteuer geléiert?
- Wéi e Schluss vun der Geschicht gefält iech am beschten? Bei wéi engem Déier géingt dir am léifste bleiwen a firwat?